



**Manifestation de protestation commune  
des syndicats représentatifs au niveau national  
contre le boycott patronal du dialogue social**

**Discours du président de l'ÖGBL, André Roeltgen**

Dommeldange, le 19 novembre 2019

(Sous embargo jusqu'à ce que le discours ait été prononcé)

## (Seul le discours prononcé fait foi)

**Discours du président de l'OGBL, André Roeltgen, à l'occasion de la manifestation de protestation commune des syndicats représentatifs au niveau national contre le boycott patronal du dialogue social – Dommeldange, le 19 novembre 2019**

Am Numm vun den dräi national repräsentativen Gewerkschaften CGFP, LCGB an OGBL

begréissen ech d'Vertreieder, d'Personaldelegéierten an d'Memberen vun eisen dräi Organisationen

Ech sin och frou Vetrieder vum XXXXXX ze gesinn. Merci fir är Solidaritéit.

An ech begrüessen och d' Sympathisanten an d'Interesséiert aus der Politik.

Kolléginnen a Kollégen,

Ech si mega, mega frou, jo ech si begeeschtert dass mir haut den owend zu iwwert X Manifestanten sin! Daat sprengt all eis Erwaardungen.

Ee ganz ganz grouse Merci un iech alleguerten !!

Viru genau 5 Joer, den 20. November 2014 hu genau op dëser Plaz eis dräi Gewerkschaften eng ganz wichteg Protestmanifestatioun gehalen. Deemols géint de sougenannten Zukunftspaak vun der Regierung, géint d'Fortsetzung vun der Austeritéitspolitik op Käschte vun de schaffende Leit, hiere Familljen an de Rentner.

Haut, 5 Joer duerno riicht sech eise Protest net géint d'Regierung.

Mee e riicht sech géint d'UEL, d'Organisatioun vum Patronat.

De läschten 18. September huet d'UEL am CPTÉ hiere Boykott vun den Dräierverhandlungen annoncéiert.

Hiert ugefouert Argument wuar iwwerraschend, provokativ an historiesch falsch. 40 Joer laang hätt de Modell Lëtzebuerg dem Patronat näischt anersches wi just Nidderlage bruecht.

Nach ni huet d'UEL sech op esou eng offe Manéier vum sozialpartnerschaftlechen Modell vun den Dräierverhandlungen distanzéiert.

Vun deem Modell, deem a Wierklechkeet während 40 Joer de soziale Fridden hei am Land ofgeséichert huet an dee ganz vill zur wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung vum Land, zur Attraktivitéit vun dem Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg an zur politischer Stabilitéit bäigedroen huet.

Ee Modell, deem ontrennbar mat der Unerkennung vu gewerkschaftlechen Verhandlungsrechter um nationale Plang verbonnen ass. Gewerkschaftleche Verhandlungsrechter di mir eis an eiser laanger Geschicht schwéier erkämpft hun.

Mär allerguerten zesummen sin haut déi kategoresch Riposte vun der lëtzebuergescher Gewerkschaftsbewegung op de skandaléisen Ugrëff vum Patronat.

Vun de Salariéën aus der Privatwirtschaft a vun de Beamten an Ugestallten aus dem ëffentlechen Dingscht.

A vun eise Rentner déi zu hierer Zäit déi Rechter fir d'schaffend Leit vun haut erkämpft hun.

Kolléginnen a Kollégen,

Een deen net mat de Gewerkschaften verhandele wëll, ass kee Sozialpartner méi.

Ee Patronat daat kee Kompromiss, keen Ausgläich tëscht den Interessen vum Kapital an der Aarbecht méi wëll, ass kee Sozialpartner méi.

A wann ee kee Sozialpartner méi ass, dann ass een e soziale Géigner.

An zerbrécht de soziale Kompromiss dann zerbrécht de soziale Fridden an de soziale Konflikt hëllt zwangsléifeg séng Plaz an.

Esou eng Situatioun ass vun den national repräsentativen Gewerkschaften CGFP, LCGB an OGBL net gewënscht. Mee ëppes soll och ganz kloer sin. Wa mir dozou vum Patronat forcéiert gin, da gi mir him och net aus de Féiss.

Mär hun als Gewerkschaftsbewegung den Optraag fir d'Ofsécherung a fir den Ausbau vun de soziale Errongenschaften vun alle Salariéën.

An deen Optraag gi mir ni op, Kollégen a Kolléginnen.

Mir si weiderhi bereet, deen Optrag iwwert de Wee vun de Verhandlungen anzuléisen.

An ech wees, dass där Gewerkschaftler, déi elo hei am Sall sin, dës Meenung deelt

De Verhandlungsweg ass a bleift eis éischt Optioun.

Als sougenannte Force vive de la nation ass haut eisen éischte Message un d'Patronat, dass mir bereet sin, de Modell Lëtzebuerg weider héichzehalen.

De Modell vun der partnerschaftlecher Gestaltung vun de soziale Beziehungen, de Modell deen den Interessensausgläich iwwert de Verhandlungsweg sicht an iwwert de Verhandlungskompromiss an der Konsensbildung de soziale Fridden ofséichert.

Dësen éischte Message, dee mir als Gewerkschaftsvertrieder, als bewosste Spëtzer vun der nationaler Gewerkschaftsbewegung un d'UEL, un d'Gesamtpatronat riichten ass dee vun der Hand déi ausgestreckt bleift, fir um Verhandlungsdësch gemeinsam Léisungen ze fannen.

Mee mir hun awer och en anere Message.

Wann d'Patronatssäit weider u sénger Strategie festhält de Modell Lëtzebuerg ze demontéieren, da bleift eis Hand net méi ausgestreckt, da gi mir zur gewerkschaftlecher Géigenoffensiv an Aktioun iwwer.

An dofir si mer haut den Owend och hei.

Eis gewerkschaftlech Fräiheeten, eis legitim Verhandlungsrechter an eis Handlungsfähegkeet stinn net zur Dispositioun.

Si sin a bleiwen de Schlëssel, fir de soziale Fortschrëtt duerchzesetzen.

Si sin d'Handlungsinstrument vun de schaffende Leit, fir den Ausbau a fir d'Ofsécherung vun hieren Errongenschaften.

Si sin den Hiewel fir d'Verbesserung vun den Aarbechts- a Lounbedingungen an de Betrieber, fir d'Kollektivvertrëg, fir ee fortschrëttlecht Aarbechts- a Sozialrecht, fir eise Sozialstaat a fir Demokratie an der Gesellschaft.

Eis gewerkschaftlech Verhandlungsrechter loosse mir vu kengem a Fro stellen.

Weder vum Patronat nach vun der Politik.

A kee wärt et färdegrëngen, eis an eis Organisatiounen an dëser Saach auseneen ze dividéieren.

De Contraire wärt de Fall sin. Waat mir mi stuark ugegraff gin, waat mir mi stuark wärten zesammenhalen.

An och daat ass haut den Owend de Message, dee mir un d'UEL riichten.

Kollégen a Kolléginnen,

Mär hun de Boykott vum Patronat am Joer 2010 vum Wirtschafts- a Sozialrot net vergiess, ee Wirtschafts- a Sozialrot deen duerno net nëmmen zwee Joer laang am Stillstand wuar, mee haut nach ëmmer op Kretsche geet.

Mär hun net vergiess, wi d'Patronat an deem selweschte Gremium 2014 an der Diskussioun iwwert déi längst fälleg Reform vum Gesetz iwwert d'Personaldelegatiounen näischt anersches unzebidden hat, wéi d'Verschlechterung vum Gesetz ze fuerderen.

Dee selweschte Szenario vun der Obstruktioun hu mer 2017 bei der Diskussioun iwwert de Mindestloun erlieft.

A vergiess ass och net hie gescheiterte Versuch am Joer 2016 sech hierem Kotisationsbäitrag fir d'Naturalleeschunge vun der Gesondheetskees ze entleedegen.

An et vergeet bal keen Dag, wou si eise Pensiounssystem dénigréieren a séng Verschlechterung fuerderen.

A wéi d'Patronat zu eisen Errongenschafte steet, weist sech jo och an der Indexfro.

Wéi am Joer 2014 déi deemols nei Regierung den Indexsystem no joerelaange Manipulatiounen – vun 2006 bis 2013 – erëm normaliséiere wollt an de Sozialpartner en Accord proposéiert huet, do huet d'UEL deen ofgeleent, a bis haut feelt hier Ënnerschrëft.

A mir wëssen alleguerten, dass deen Dag wou d'Inflatioun erëm op eng normal Héicht kënnt, wärt d'Patronat den Index erëm ugräifen!

Ee weideren Héichpunkt wuar am Joer 2016 hier orchestréiert Attack op eist Aarbechtsrecht wéi am CPTÉ d'Reform vum PAN-Gesetz diskutéiert gouf.

Total dereguléiert a flexibiliséiert gesetzlech Aarbechtszäite géint d'Aarbechts-, d'Fräizäit- an d'Liewensinteresse vum Salarat wollt d'Patronat duerchsetzen. Si sin un eisem Widderstand, um gewerkschaftleche Widderstand gescheitert.

De Boykott vun den Dräierverhandlungen am CPTÉ duerch d'Patronat ass keng Bagatelle.

Si ass ee ganz déiwe Stach an d'Gestaltung vun de Sozialbeziehungen hei zu Lëtzebuerg.

Wann de Präsident vun der UEL a séngem Erklärungsbréif vum 27. September un d'Employeure folgerndes schreift, an ech zitieren

„Le dialogue social au niveau national qui se voudrait équilibré n'est rien d'autre qu'un instrument pour permettre aux syndicats de se positionner en force politique“

dann ass dat ee Foustrëtt géint d'sozialpartnerschaftlech Verhandlungsbeziehungen a eng fundamental Afroststellung vun eisen nationalen Verhandlungsrechter a Verhandlungsméiglechkeeten.

D'Gewerkschaftsbewegung soll um politesche Plang d'Blat botzen. An domatt gëtt vun der UEL och eis national Repräsentativitéit a Fro gestallt.

Dat ass déi nei Method, déi de Präsident vun der UEL dem Land opdränge wëll.

Géint d'Salarat a séng national repräsentativ Gewerkschaften a géint den expriméierten Wëlle vun der Regierung.

Eng Regierung, déi am Joer 2014 déklaréiert huet, dass si de sozialen Dialog no den Austeritéitsjoeren erëm revitaliséiere wëllt.

Eng politesch Deklaratioun, déi am Koalitiounsprogramm vum läschte Joer ënnermauert gouf.

A besonnesch wat d'Upassung vum Aarbechtsrecht un déi nei Aarbechts- a Wirtschaftswelt ubelaangt ass de Koalitiounsprogramm ganz kloer, an erlaabt mer och hei den Text ze zitieren:

„Les réformes doivent être entreprises dans le cadre d'un dialogue social rénové et renforcé au niveau des entreprises et entre autres à travers la promotion des conventions collectives et par le dialogue social tripartite qui, pour toutes ces questions devra principalement avoir lieu au sein du CPTÉ dont le fonctionnement sera amélioré, notamment au niveau du secrétariat“.

D'Regierung huet an de läschte Woche keng eng Deklaratioun gemaach, déi drop schlësse géif, dass si hier Meenung geännert hätt.

An den Aarbechtsminister huet fir Dezember Réuniounen vum CPTÉ ugekënnegt.

D'CGFP, den LCGB an den OGBL confirméieren haut den Owend nach eng Kéier der Regierung, dass si net nëmmen op deene Réuniounen präsent wärte sin, mee och dass si prett sin, all Sujetë vum Regierungsprogramm a punkto Aarbechtsrecht am Kader vun Dräierverhandlungen ze behandelen, an dat ouni irgendwelch Virbedingungen.

Eist Aarbechtsrecht muss, wann et weiderhi séng Schutzmissioun fir d'Salariéën erfëlle soll, op ville Punkten adaptatéiert an ausgewäit gin.

Ennert dem Androck vun der Digitaliséierung an aneren neien Technologien, a virun der Aufgab vun der ekologescher Transitioun, verlaangt déi nei Aarbechtswelt, nenne mer se 4.0, no engem Aarbechtsrecht, dat de Salariéën eng fortschrëttlech Aarbechtsqualitéit an entspreichend berufflech a sozial Perspektiven ofséichert.

Et ass elo den Zäitpunkt do, fir d'Gesetz iwwert d'Aarbechtsverträg unzepassen, fir nei Forme vu prekären Aarbechtsverhältnisser ze verhënneren.

An déi sozial a berufflech Perspektive vun de schaffende Leit müssen iwwert Reformen bei de „Plan de maintien de l'emploi“, de „Plan social“ an de Faillite positiv ofgeséichert gin.

Dat selwescht gëllt och fir nei Rechter an nei Mëttele fir d'berufflech Fort- a Weiterbildung.

A fir eng besser Harmoniséierung vun Aarbechts- a privatem Liewen ze garantéieren, stin och Diskussiounen iwwert e.a. d'Recht fir Déconnexioun an iwwert Teleaarbecht elo un.

An da well ech nach op ee ganz besonnesch wichtege Punkt agoen.

D'UEL schwätzt a leschter Zäit vill iwwert de sozialen Dialog an de Betrieber a mengt domat ëppes anesches wéi mir.

Der UEL hir Visioun si Betrieber ouni Gewerkschaften, ouni gewerkschaftlech Personaldelegatiounen an ouni Kollektivverträg.

Hiert Verständnis vum sozialen Dialog am Betrieb ass d'Märchen vum Gespréich op selwechter Aenhéicht tëscht dem Employeur a dem eenzelne Salarié, deen him ënnerstallt ass.

An dodru gekoppelt ass hier salariatsfeindlech Propaganda géint eist Kollektivvertragswiesen, daat anscheinend net fähig wier, eng dezentral bis individuell Gestaltung vun den Aarbechtsbedingungen z'erméiglechen.

Dat ass eng flagrant Ligen, well de Contraire wouer ass.

Et si genau d'Kollektivverträg, déi an engem dezentrale Sënn de Kinnékswee sin, fir Interessen an Aarbechtsbedürfnisser vun de Salariéën à la Carte ëmzesetzen an d'Salariéë virun der Ënnerwerfung ënnert d'Diktat vun den Employeuren ze schützen.

An dofir fuerdere mer haut, dass d'Regierung hier richtig Intentioun vun der Promotioun vun dem Kollektivvertragswiesen konkret ëmsetzt, an dass och d'Diskussioun iwwert en neit an zäitgerecht Kollektivvertragswiesen lancéiert gëtt.

A wann haut ee sech innovativ Aarbechtszäitmodeller an de Betrieber widdersetzt, da sin dat net d'Gewerkschaften, mee et sin d'UEL an d'Patronatsverbänn.

Si boykottéieren d'Emsetzung vum Gesetz iwwert Aarbechtszäitkonten, well se och den 18. September am CPTÉ deklaréiert hun, dass si déi dozou noutwendeg „Accords interprofessionnelles“ net verhandele wëllen. An dat gëllt och fir den „Accord interprofessionnel“ iwwert d'Teleaarbecht.

Ech kommen zum Schluss.

D'Patronat wëll de soziale Stillstand, et probéiert eis Verhandlungsrechter an eis Handlungsfähegkeet ze schwächen an et probéiert d'Gewerkschaftsbewegung ze diskreditéieren.

Et probéiert eppes, wat mir net zouloosse wärten.

Oder, fir et am Sproochgebrauch vum Präsident vun der UEL auszedrécken, deen an enger lëtzebuerger Zeitung behaupt huet, dass si „40 Joer geféckt gi wieren“, gi mir haut den Owend de Retour, dass d'lëtzebuerger Gewerkschaftsbewegung sech net vun der UEL, vum Patronat „biische“ léisst.

Weder haut nach muar.

Vive d'lëtzebuerger Gewerkschaftsbewegung an hier gewerkschaftlech Fräiheeten a Verhandlungsrechter.

---